PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/01/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sozialversécherung weiderzeleeden.

Vill Persounen zu Lëtzebuerg sinn op d'finanziell Ënnerstëtzung vun der Assurance Dependance ugewisen. Grad fir sozioekonomesch benodeelegt Menage kann eng Verzögerung vun den Ausbezuelunge vun der Assurance séier zu engem finanzielle Problem ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wat war dee fréisten Dag am Mount, un deem an de leschten 3 Joer d'finanziell Ënnerstëtzung vun der Assurance Dependance ausbezuelt gouf?
   Wat war dee spéitsten Dag am Mount?

2. Wier et méiglech ee festen Dag fir d'Ausbezuelunge festzeleeën?
   Falls net:
   Wisou net?
   Wär et méiglech de concernéierte Persounen zumindest 2-3 Méint am viraus scho matzedeelen, wéi Datumer vun de kommenden Ausbezuelunge sinn – esou wéi dat aktuell och schonns bei der *Caisse nationale d'assurance pension* (CNAP) de Fall ass?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député